

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 10. Januar 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Vum 1. Januar un ass d'Reform vun der Fleegeversécherung a Kraaft. Dëst bréngt eng Rei Nodeeler mat, esouwuel fir déi Persounen, déi op déi Versécherung mussen zrëckgräifen, wéi och fir dat betreffend Personal.

Ganz besonnesch fält de Beträffenen op, datt d'Hëllef beim Akafen a fir administrativ Demarchen nëmme méi an engem ganz reduzéierte Mooss vun der Fleegeversécherung gelescht gëtt. Fir vill Leit ass awer "dat Akafen a frëndlecher Begleedung de Liichtbléck an hirer Woch", wéi et an engem Lieserbréif ausgedréckt gëtt.

Dowéinst wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

- 1) Ass dem Här Minister bewosst, datt fir vill Leit, déi op d'Hëllef vun der Fleegeversécherung ugewise sinn, de Service vum Akafen an d'Hëllef bei administrativen Demarchen e wichtege Deel vun der Fleeg duerstellen, dëst och fir hir Moral ze hiewen?*
- 2) Ass den Här Minister bereet, dës Servicer weider iwwert d'Fleegeversécherung ze assuréieren, dëst op d'mannst bis esou Leeschtunge vun anere Servicer, an ouni Käschte fir déi betraffe Leit, kéinten iwwerholl ginn?*
- 3) Denkt de Ministère fir sozial Sécherheet drun, fir déi uewe genannten Déngschter an enger anerer Form unzebidden?*
- 4) Wéi vill Poste falen ewech bei de Servicer, déi dës Déngschter ugebueden hunn? Wat geschitt mat dësem Personal? Kënnt et duerch Mesuren eventuell zu Entloossungen oder zu enger Reduzéierung vun Astellungen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 janvier 2018

Objet : Question parlementaire n° 3551 du 10.01.2018 de Monsieur le Député Fernand
Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un
mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.



Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Dossier suivi par : Karin Manderscheid
Tél. (+352) 247-86352

**Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement
Luxembourg**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:

12 FEV. 2018

Luxembourg, le 9 février 2018

Référence : 822xaada9

Objet : Réponse à la question parlementaire n°3551 de Monsieur le député Fernand Kartheiser datée du 10 janvier 2018

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire spécifiée sous rubrique.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération très distinguée.

Romain SCHNEIDER
Ministre de la Sécurité sociale

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°3551 de Monsieur le député Fernand Kartheiser datée du 10 janvier 2018





Référence :804xca5ed

**Aentwert vum Minister fir sozial Secherheet ob d'parlamentaresch Ufro
n°3551 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser
vum 10. Januar 2018**

Eng vun de Prioritéiten vun der Fleegeversécherung ass, deene fleegebedierftege Matbierger d'Méiglechkeet ze ginn, esoulaang et physesch a psychesch méiglech ass, an hirem gewinnten Ëmfeld ze bleiwen. Hei gouf mat der Reform den Akzent op d'Verstäerkung vun der sozialer Inclusioun geluecht, och fir dem Risiko vun der sozialer Ofgrenzung entgéint ze wirken.

Aus dëser Iwwerleeung eraus gouf déi eenzel Aktivitéit vum Akafen an administrativen Demarchen, an een kohärente Kader aus engem Mix vun Aktivitéiten an der Grupp integréiert, déi ofhängeg vun de Besoinen an de Kompetenzen vun der fleegebedierfteger Persoun och Aktivitéiten dobaussen beinhalte kënnen. An dësem Kader besteet och d'Méiglechkeet en individuellen Encadrement ze organiséieren. Dës Aktivitéiten gi vun der Fleegeversécherung iwwerholl.

D'Beneficiaire vun der Fleegeversécherung déi doheem wunnen, an déi bis den 31. Dezember 2017 an hirem Fleegeplang den Akt vum Akafen a vun administrativen Demarchen haten, kruten op den 1. Januar 2018 Urecht op dës uewegenannten Aktivitéiten. An dësem Kontext ass och ervirzehiewen, dass den Encadrement duerch qualifizéiert Personal vun dësen Aktivitéiten mat der Reform substantiell an d'Luucht gesat ginn ass.

Am Kader vun der Reform ass d'Hëllef am Stot vun 2,5 Stonnen pro Woch op 3 Stonnen pro Woch erop gehuewe ginn. Déi 3 Stonne kënnen benotzt ginn, fir hauswirtschaftlech Hëllef oder fir néideg Akeef ze maachen. Dës Leeschtungsverbesserung bréngt mat sech, dass d'Nofro u manner qualifiziertem Personal an dësem Beräich an d'Luucht geet. Och sinn spezifesch Formatiounen méiglech, fir dem Personal déi néideg Qualifikatiounen ze ginn, fir dass si och aner, qualitativ méi héichwäerteg Aufgaben kënnen erleedegen. Zousätzlech zu dëse verschiddenen Initiativen, huet d'Regierung nach e spezifesch Kredit virgesinn, fir de Fall wou dës Dispositiounen net gräife sollten.